

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 8. Juli 2021

Tel.: (+ 352) 463742

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, des parlamentaresch Fro un d'Madamm Emweltminister weiderzeleeden.

An hirer Äntwert op eis parlamentaresch Fro n°4291 schreift d'Madamm Minister: "De Fall an der Gemeng Schieren ass net vergläichbar mat dem Fall am Uerteel 43708C, wou et ëm Fläch goung, déi d'Gemeng wollt selwer fir hir eege Besoinen entwéckelen. En absence zu deem Zäitpunkt vun enger méi genereller Jurisprudenz zu der partieller Approbatioun ass am Fall Schieren, an Ofsprooch mat dem Inneministère – dee jo och nët Partie war am Fall 43708C, wou just eng Decisioun vum MECDD viséiert war – déi bestoend Praxis bäibehale ginn."

An deem Kontext hu mir folgend Froen un d'Madamm Minister:

- 1) Wat ass de Grond, firwat ee Gemengenterrain anescht behandelt gëtt wéi dee vun engem Bierger, well de PAG jo per Definitioun integral am Intérêt public opgestallt gëtt?
- 2) An engem Uerteel vum 17. September 2019 (Rôle 41567 betr. PAG vun der Gemeng Manternach) ass festgehale ginn, dass "l'article 14 précité de la loi du 19 juillet 2004, lequel ne fait état que d'un seul vote définitif" an "qu'une intervention du ministre de l'Environnement après le vote définitif prévu à l'article 14 précité, (...) n'est pas prévue par la loi". Dëst Uerteel widderleet also, datt ee Vote complémentaire, de facto een zweete Vote, an eng Interventioun nom Vote vum Ëmweltminister konform zu der Gesetzgebung ass. Et widderleet domat och déi gemeinsam Äntwert vun de Madamme Minister op eis parlamentaresch Fro n°3878: "D'approche vun engem zousätzlechen zweete Vote ass konform zu der Gesetzgebung."

D'Travaux parlementaires confirméieren, datt et sech beim definitive Vote gemäss Artikel 14) ëm ee Vote unique handelt: "Procès-verbal de la Commission des Affaires Intérieures, de la Grande-Région et la Police, Articles 8 à 16 et 17bis (modifiant les articles 10 à 18 et 21 de la loi modifiée du 19 juillet 2004): Le nouveau texte tient compte des observations antérieures de la Commission parlementaire. S'agissant de l'enquête publique à faire <u>avant le vote unique</u> du projet d'aménagement par le conseil communal, l'article 8 du projet de loi (article 10 de la loi modifiée du 19 juillet 2004) est amendé dans le sens que le projet d'aménagement, avec tous les documents qui

s'y rattachent, est soumis d'abord au conseil communal. Celui-ci en prend acte et donne son accord au collège des bourgmestre et échevins." Firwat ass den Ëmweltministär beim PAG Schieren trotzdeem am Februar 2020 intervenéiert?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup Deputéierten

Jeff Engelen Deputéierten

Tel.: (+ 352) 463742